

Evangelium
(Lk 2,15-19)

- G. *Den Här sief mat iech all.*
A. *An och mat lech.*
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*
A. *Dir all Éier, Här.*

- 15 Wéi d'Engele vun den Hierde fortgaang waren
an den Himmel,
soten d'Hierden zueneen:
"Loosse mer dach bis op Bethlehem goen
an äis dat ukucken, wat geschitt ass
a wat den Här äis matgedeelt huet!"
- 16 Si hunn sech geflass, fir dohinner ze goen,
an si hunn d'Maria an de Jouseph fonnt
an d'Këndchen, dat an enger Krëpp louch.
- 17 Wéi si dat gesinn hunn,
hunn si erzielt,
wat hinnen iwwer dëst Kand gesot gi war.
- 18 All déi, déi et héieren hunn,
hunn sech iwwer dat gewonnert,
wat d'Hierden hinne sot.
- 19 D'Maria awer huet sech all dës Wieder gemierkt
an an hirem Häerz driwwer nogeduecht.

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
A. *Dech, Christus, luewe mir.*